Spidol
EECHTERNOACH

# Léif Familljen, léif Visiteuren

Dat néit COVID-19 Gesetz erméiglecht eis et nees an d'Normalitéit vun virun der Pandemie zréckzegoen.

Nostoend fann Dir déi néi Funktiounsweis déi ab dem Samsdeg, den 01. Abrëll 2023 am Spidol gëllt:

## 1) Covid-Tester

E Covid-Schnelltest ass net méi obligatoresch. Selbstverständlech besteet ëmmer nach d'Méiglechkeet en Test op fräiwëlleger Basis bei eis am Haus ze maachen.

## 2) Maskepflicht

Dir braucht am Spidol keng Masque méi unzedoen. Wann Dir aus Virsiicht weiderhin eng Masque wëllt undoen, bleift dat selbstverständlech erlaabt.

## 3) Zougang an d'Haus

Well mir aus Sécherheetsgrënn (z.B. am Fall vun engem Feier) musse wëssen wien sech am Haus ophält, biede mir Iech Är Präsens bei der Receptioun unzemellen.

Duerch déi Mesure stäerke mir zousätzlech d'Sécherheetsgefill vun eise Bewunner andeems mir wëssen wien sech grad am Haus beweegt.

## 4) Entrée fir an d'Haus

Eis Haaptentrée – 10, rue de l'Hôpital, ass ab elo nees zougänglech.

Des Entrée ass wärend der Woch vun 08:00 Auer bis 18:00 Auer, an de Weekend & Feierdeeg tëschend 09:00 Auer an 12:30 Auer an vun 13:00 Auer bis 17:30 Auer fräi zougänglech.



B.P. 12
L-6401 Echternach
10, rue de l'Hôpital
L-6448 Echternach
Tel: (+352) 72 04 54-1
Fax: (+352) 72 93 51
www.spidol-echternach.lu
info@spidol-echternach.lu
No agrément
PA/98/01/031

Spidol
EECHTERNOACH

Déi 2. Méiglechkeet fir bei eis an d'Haus ze kommen ass den Zougang iwwer d'Säitenentrée (bei eisem Parking).

Fir dësen Agang ze notzen, muss Dir schellen a gitt vun eise Mataarbechter(innen) an d'Haus begleet.
Des Méiglechkeet steet Iech 24/24 Stonnen an 365/365 Deeg zur Verfügung.



**5) Zäiten fir de Besuch**

Dir kënnt zu all Moment bei Är Léifsten op Besuch kommen. Et gi keng virgeschriwwen Besuchszäiten.
Allerdéngs weise mer dorobber hin dat keng Stéierungen fir déi aner Bewunner dierfen entstoen.

**6) Zirkulatioun am Haus**

Et ginn keng Aschränkungen méi wat Ären Deplacement am Haus ugeet.
Allerdéngs weise mir drop hin dat, an deene Reim wou eng Aktivitéit stattfënnt, keng Visiteuren zougelooss sinn.

Selbstverständlech bezitt dat sech net op Fester, Cafeteria an Themenowenter.

Mir sinn frou Iech endlech esou gutt Nouvellen kenne matzedeelen an soen Iech Merci fir Är Gedold, Versteesdemech an Mathëllef wärend deene leschten 3 Joer.

Mir freeën eis Iech an eisem Haus begréissen ze dierfen.

Mat beschte Gréiss

Adrien MOES
Directeur

B.P. 12
L-6401 Echternach
10, rue de l'Hôpital
L-6448 Echternach
Tel: (+352) 72 04 54-1
Fax: (+352) 72 93 51
www.spidol-echternach.lu
info@spidol-echternach.lu
No agrément
PA/98/01/031